# 25 JOER FLOSSPARTNERSCHAFT ATERT A 25 JOER WAASSERHAUS

## *25 ANS CONTRAT DE RIVIÈRE ATTERT ET 25 ANS MAISON DE L'EAU*

Et war am Joer 2001, wou 23 Strukturen aus dem Atertdall eng Konventioun ënnerschriwwen hunn, fir am Anzuchsgebitt vun der Atert verstäerkt fir de Schutz vun de Gewässer an de Waasserressourcen zesummen ze schaffen. 2 Joer haten d'Preparatiounsaarbechte gedauert. E sëllegen Aarbechtssëtzunge mat villen Interessegruppen haten am Virfeld stattfonnt bis dat den Atert-Kontrakt, wéi et deemools genannt gouf, 2001 konnt ënnerschriwwe ginn. Domat war déi 1. Flosspartnerschaft am Land gegrënnt.

E puer Méint dono scho gouf d'Waasserhaus als Verwaltungsorgan vun der Flosspartnerschaft an d'Liewe geruff. 25 Joer sinn et lo hier. Happy Birthday Waasserhaus an Happy Birthday Flosspartnerschaft Atert!

*C'est en 2001 que 23 organisations de la vallée de l'Attert ont signé une convention visant à collaborer plus étroitement pour la protection des eaux et des ressources en eau dans le bassin versant de l'Attert. Les travaux préparatoires ont duré deux ans. De nombreuses réunions de travail avec divers groupes d'intérêt ont eu lieu au préalable jusqu'à ce que le contrat de rivière Attert soit signé en 2001. C'est ainsi que le premier partenariat de rivière du pays a vu le jour.*

*Quelques mois plus tard, la Maison de l'Eau a été créée en tant qu'organe administratif du contrat de rivière. Cela fait maintenant 25 ans. Joyeux anniversaire, Maison de l'Eau et joyeux anniversaire, contrat de rivière Attert !*

### E bëssе Geschicht

| | |
|---|---|
| **1997:** | D'Gemenge Réiden a Biekerech maachen am Numm vum Leadergrupp Réide/Wooltz eng Ufro un d'Stëftung Oeko-Fonds fir am Atert-Becken ee Gewässervertrag op d'Been ze stellen. |
| **1998:** | De Projet „Attert-Kontrakt" fänkt un. Eng duerch den europäesche Leader II Programm finanzéiert Studien erfaasst den IST-Zoustand am Atert-Becken. |
| **1999-2000:** | Aarbechtsgruppe setze sech zesumme fir konkret Léisungsvirschléi auszeschaffen. |
| **Mäerz 2001:** | Den Atert-Kontrakt gëtt vun 23 lëtzebuergeschen a belsche Partneren ënnerzeechent. |
| **Abrëll 2001:** | ze Réiden mécht d'Waasserhaus als Verwaltungsorgan vum Atert-Kontrakt seng Dieren op. |

### *L'Historique*

| | |
|---|---|
| ***1997 :*** | *Le groupe Leader Redange/Wiltz représenté par les communes de Redange et Beckerich demande à la fondation Oeko-Fonds de mettre en œuvre un contrat de rivière dans la vallée de l'Attert.* |
| ***1998 :*** | *Démarrage du projet du contrat de rivière Attert. Une étude préliminaire financée par le programme européen Leader II permet de constituer un état des lieux du bassin versant de l'Attert.* |
| ***1999-2000 :*** | *Des groupes de travail se mettent en place et proposent des projets concrets.* |
| ***mars 2001 :*** | *Le contrat de rivière Attert est signé par 23 partenaires luxembourgeois et belges.* |
| ***Avril 2001 :*** | *ouverture d'une « Maison de l'Eau » à Redange en tant qu'organe de gestion du contrat de rivière.* |





2001 gëtt d'Charta vum Atert-Kontrakt ze Réiden an der Aula vun 23 Partnerorganisatiounen ënnerschriwwen. 2/3 vum Anzuchsgebitt vun der Atert leien op der belscher Säit. Dofir war den Atert-Kontrakt vun Ufank u grenziwwerschreidend ugeluecht.

De Numm huet sech mat der Zäit geännert. Aus Atert-Kontrakt gouf Gewässervertrag an dono Flosspartnerschaft.

*En 2001, 23 organisations partenaires signent la Charte du contrat de rivière à Redange. Les deux tiers du bassin versant de l'Attert se trouvent du côté belge. C'est pourquoi le contrat de rivière Attert est dès le départ une initiative transfrontalière.*



2002 ass déi offiziell Aweiung vum Waasserhaus am ale Geriichtsgebai zu Réiden. Do war och hire Sëtz bis 2017.

2003 gëtt d'Asbl Maison de l'Eau de l'Attert gegrënnt an domat kritt d'Waasserhaus dann och eng rechtlech Form. De Präsident vun der 1. Stonn war de Camille Gira. Dono koum de Gerard Anzia an haut ass de Luc Pauly Präsident vun der Asbl.

*En 2002, l'inauguration officielle de la Maison de l'Eau a eu lieu à Redange. En 2003, l'association sans but lucratif « Maison de l'Eau de l'Attert » est fondée, donnant ainsi une forme juridique à la Maison de l'Eau. Le premier président a été Camille Gira. Gérard Anzia lui a ensuite succédé, et aujourd'hui c'est Luc Pauly qui préside l'ASBL.*



Vun 2000-2007 gouf d'Waasserhaus duerch den europäesche Projet Aquafil finanzéiert. Dëse Projet huet Partneren aus 6 verschiddene Länner regruppéiert, déi sech reegelméisseg getraff an ausgetauscht hunn.

Hei ass eng Foto aus dem Joer 2005, wou den Aquafil-Pilotkommittee fir e puer Deeg ze Réiden zesummekomm ass.

*De 2000 à 2007, la Maison de l'Eau a été financée par le projet européen Aquafil. Ce projet a réuni des partenaires issus de six pays différents, qui se sont rencontrés régulièrement et ont échangé leurs idées. La photo ci-contre date de 2005, lors de la réunion du comité de pilotage Aquafil à Redange.*




2011 gëtt de Volet Héichwaasserschutz aus der Flosspartnerschaft Attert offiziell an eng Héichwaasserpartnerschaft integréiert, déi zesumme mat der Waasserverwaltung an dem zoustännege Ministère interagéiert.

*En 2011, le volet « protection contre les inondations » du contrat de rivière est officiellement intégré à un « partenariat inondations », qui interagit avec l'Administration de la gestion de l'eau et le ministère compétent.*



2017 plënnert d'Waasserhaus mat sengen 2 Mataarbechter vum ale Geriicht zu Réiden an d'Groussgaass. Zesumme mat der Equipe vum Energieatelier an dem Klimapakt forméiere si säitdeem d'Infostuff; eng Berodungsplaz fir Energie, Waasser a Klima.

*En 2017, la Maison de l'Eau quitte ses locaux pour former en collaboration avec l'équipe de l'Energieatelier et du Pacte Climat le centre de conseil « Infostuff », dédié à l'énergie, à l'eau et au climat.*



2019 gëtt de Comité de pilotage (COPIL) vum Natura 2000 Gebidd Atert a Warkdall ze Réiden gegrënnt. D'Asbl Maison de l'Eau de l'Attert gëtt ausgewielt fir den Animateur vun deem COPIL anzestellen.

*En 2019, le comité de pilotage (COPIL) du site Natura 2000 de l'Attert et du Warkdall est créé à Redange. L'Asbl Maison de l'Eau de l'Attert est choisie pour engager l'animateur de ce COPIL.*







2022 ënnerschreiwt d'Gemeng Saeul d'Konventioun vun der Flosspartnerschaft. Domat sinn elo 10 Gemenge Member: Attert (B), Ell, Biekerech, Réiden, Useldeng, Préizerdaul, Helperknapp, Bissen, Colmar-Bierg a Saeul.

*En 2022, la commune de Saeul signe la Convention du contrat de rivière Attert. Cela porte à dix le nombre de communes membres : Attert (B), Ell, Beckerich, Redange, Useldange, Préizerdaul, Helperknapp, Bissen, Colmar-Berg et Saeul.*

CONTRAT DE RIVIÈRE ATTERT FLUSSPARTNERSCHAFT

MAISON DE L'EAU ATTERT | CONTRAT DE RIVIÈRE FLOSSPARTNERSCHAFT

2026 changéiert de Logo. No 25 Joer kréien d'Waasserhaus an d'Flosspartnerschaft een neie Look.

*En 2026, le logo change. Après 25 ans, la Maison de l'Eau et le contrat de rivière Attert se dotent d'une nouvelle identité visuelle.*





Och dat si 25 Joer. D'Patrice Verscheure schafft säit Juni 2001 am Waasserhaus fir d'Flosspartnerschaft Attert. No 25 Joer huet hat decidéiert fir d'Rudder op däser Plaz nidderzeleeën a mat sengem Engagement, senger Energie a Motivatioun op anere Weeër weiderzegoen.

*Cela fait 25 ans aussi. Patrice Verscheure travaille depuis juin 2001 pour le contrat de rivière Attert à la Maison de l'Eau. Après 25 ans de service, elle a décidé de clôturer ce chapitre et de mettre son énergie et sa motivation au service d'autres projets.*

MAISON DE L'EAU ATTERT | CONTRAT DE RIVIÈRE FLOSSPARTNERSCHAFT

Administration de la gestion de l'eau
Grand-Duché de Luxembourg

Maison de l'Eau de l'Attert asbl
43, Grand-Rue
L-8510 Redange-sur-attert

(+352) 26 62 08 08
maison.eau@attert.com
attert.com